N°8298
Entrée le 07.11.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vun der Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 8298 vum 8. September 2023 vum Här Deputéierten Jeff Engelen.**

1. **Kann d'Regierung confirméieren, datt déi entspriechend Renovatiounsaarbechten nach ëmmer net ugefaangen hunn? Falls jo, wéi erkläert d'Regierung dës laang Verzögerung a wéi een Delai ass aktuell fir de Start vun den Ëmbauaarbechte virgesinn?**

D'Renovatiounsaarbechte vum Thermalbad vu Mondorf hunn entretemps ugefaangen. An enger éischter Phase sinn dat Preparatiounsaarbechten en vue vun der Realisatioun vum neie Gebai „Les Sources". Dat Gebai kennt op d'Plaz vum ale Vestiairesgebai dat dofir aktuell ofgerappt gëtt.

Des Weidere lafe Viraarbechte wéi de Remplacement vum Transformator, vun der Opbereedungsanlag vum waarme Waasser a vun den ale Chaudièren an der Installatioun vun enger Klimatisatiounsanlag.

D'Soumissiounsdossieren fir d'Réibauaarbechten sinn amgaange fäerdeggestallt ze ginn.

Aktuell ass d'Baugeneemegung betreffend d'Renovatiounsaarbechten respektiv dem Neibau vum Gebai „Les Sources" awer nach net ausgestallt.

2. **Wéi eng provisoresch Moossname goufe geholl, fir de Gesondheetsschutz vun de Patienten an dem Personal trotz deene vun der Regierung genannten aktuellen baulechen Onzoulänglechkeete vun der Ariichtung bis zum Ofschloss vun den Aarbechten ze garantéieren?**

Et ginn eng Rei Moossname geholl fir d'Sécherheet vun de Patienten an dem Personal ze garantéieren. Eng vun dësen ass zum Beispill d'Erriichte vum Gebai „Les Sources", wat déi éischt Phase vum Chantier duerstellt. An dëst Gebai wäerten eng ganz Rei vu Servicer aus den aktuelle Gebailechkeete vum Domaine Thermal temporär relogéiert ginn (z.B. Service Cure, Centre médical, …)

Dëse Relogement erméiglecht sou d'Renovatioun vun den Haaptgebaier ouni dass dëst weider Repercussiounen op de Fonctionnement vum Domaine Thermal huet. Nodeems d'Renovatiounen ofgeschloss sinn, wäerten dës Servicer gréisstendeels erëm an den Haaptgebaier integréiert ginn an d'Gebai „Les Sources" wäert ënnert senger finaler Affektatioun als Annexe vum Hotel funktionéiere, mat de Raimlechkeete vum Centre médcial um Rez-de-chaussée.

Lëtzebuerg, de 7. November 2023.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch